N°2700
Entrée le 08.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, vun der Justizministesch, Elisabeth Margue, a vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Lex Delles, op d'parlamentaresch Fro n°2700 vum 30. Juli 2025 vun den éierbaren Deputéierte Mars Di Bartolomeo a Ben Polidori

1. **Wéi erkläert sech d'Tatsaach, datt sou gefälschte Säiten iwwer Wochen oder souguer Méint kënnen aktiv bleiwen, trotz engem séieren Hiwäis duerch d'Affer a Plainte bei de Beamten?**

Generell stellen d'Justizautoritéite fest, dass déi Verdächteg, déi fir dës Zort vu Bedruch a Fro kommen, éfters aus dem Ausland eraus operéieren. An dëse Fäll ass d'Kooperatioun mat den auslänneschen Autoritéiten erfuerderlech, fir dass d'Ermëttlunge kënne weidergeféiert ginn.

Am Kader vun enger Enquête zu engem Flagrant-Délit oder enger Instruction-préparatoire hunn de Procureur d'État an den Untersuchungsriichter d'Méiglechkeet, d'Dateien an d'Donnéeën, déi an engem automatiséierte System fir Dateveraarbechtung oder -iwwerdroung gespäichert, veraarbecht oder iwwerdroe ginn, ze saiséieren – entweder duerch d'Beschlagnamung vum physesche Medium, wou d'Daten drop gespäichert sinn oder duerch eng Kopie vun dësen Daten. Et ass awer ze bemierken, datt dat informatescht Equipement sech oft am Ausland befënnt, an dësem Fall mussen d'Justizautoritéiten op déi international Rechtshëllef zeréckgräifen, fir déi néideg Beweiser ze kréien.

Déi definitiv Suppressioun um physesche Medium kann och nëmmen ënnert verschiddenen Ëmstänn ordonéiert ginn, wéi z.B. wann dëse sech zu Lëtzebuerg befënnt an et sech ëm Daten handelt, déi an engem automatiséierte System gespäichert, veraarbecht oder iwwerdroe ginn an där hir Detentioun oder Notzung illegal oder geféierlech fir d'Sécherheet vu Persounen oder Saachen ass.

2. **Wéi eng Mesuren si vun de Betriber selwer (z.B. BIL, LuxTrust) an de zoustännegen Autoritéiten ënnerholl gi fir esou Bedruch ze verhënneren an d'Sécherheet vun de Clienten ze garantéieren?**

D'Finanzacteuren, d'professionell Associatiounen, an d'Autoritéite maache reegelméisseg preventiv Informatiounscampagnen, déi dorobber ofzielen de breede Public, respektiv de Finanzbetriber hir Clientèle, op de virsichtegen Ëmgang mat confidentiellen a perséinlechen Informatiounen ze sensibiliséieren. An deem Sënn gi beispillsweis d'ABBL an d'CSSF op hire jeeweilegen Internetsäiten detailléiert Informatiounen iwwer méiglech Bedruchsmethoden, an d'Moossnamen, déi een als Client soll huele fir sech effektiv dogéint ze schützen. Gutt Praxisse bestinn zum Beispill doranner ëmmer déi offiziell Applikatioun vun der respektiver Bank ze benotzen, oder d'Webadress fir den Onlinebanking manuell anzeginn. Eng 24/24 Stonnen a 7/7 Deeg erreechbar Hotline (49 10 10) erlaabt et och, wann een e Bedruch verdächtegt, säi LuxTrust-Zertifikat direkt blockéieren ze loossen.

Wa Finanzacteuren oder Autoritéite Bedruchsfäll bekannt ginn, bei deene beispillweis hir Identitéit mëssbrauchlech benotzt gëtt, gi gemengerhand Warnhiweiser op hire respektiven Internetsite veröffentlecht fir de Public z'informéieren an ze warnen, an de Parquet gëtt mat dem Fall befaasst. Am Fall vun der Usurpatioun vun engem Acteur senger Identitéit duerch e falschen Internetsite triede gemengerhand déi betraffen Acteuren a Kontakt mat den Onlinesichmaschinnen, fir déi falsch Sitten de-referenzéieren ze loosen. Donieft zielen och bank-intern Sécherheetsmechanismen dorobber of, fir de Risiko vun esou Bedruchsfäll ze minimiséieren.

3. **Wat gesäit d'aktuell Gesetzgebung vir, fir esou Attacken ze bekämpfen? A wéi eng Sécherheetsmoossnamen existéieren am Kader vum digitale Schutz vun de Bierger?**

Et gëtt op d'Äntwert op d'Froen 1. an 5. verwisen.

4. **Wou gesäit d'Regierung eventuell Lacune bei der Uwendung vun deenen Instrumenter, déi verfügbar sinn?**

Och wann d'Gesetz d'Finanzinstituter net verflicht d'Clientë viru gefälschten Internetsitten ze warnen, gi betraffen Internetsitten, wa se da bekannt sinn, an der Reegel denoncéiert an et gëtt och iwwer divers Kanäl kommunizéiert (Warnmessagen um Site vun de betraffene Banke respektiv der CSSF).

Donieft kann de Client mëttlerweil, ronderëm d'Auer a 7 Deeg op 7 iwwer d'Hotline 491010, net nëmme seng Bankkaarte, mä och LuxTrust-Zerifikater, blockéiere loossen.

Doriwwer eraus sief op déi sougenannten NIS (Network and Information Security) Direktiv verwisen. Dës Direktiv gesäit ënner anerem verschidde Moossname vir, déi d'Sensibiliséierung vun de Bierger op aktuell Cyber-Menacen, also och de „Phishing", verbesseren.

Op EU Niveau lafen doriwwer eraus d'Aarbechte fir d'Payment Services Directive 2 (PSD 2) z'iwwerschaffe weider. Ee Schwéierpunkt ass dobäi d'Stäerkung vun den Anti-fraud-Moossnamen esou ewéi d'Berécksiichtege vun neien Typpe vu Fraudë wei dem „Spoofing".

5. **Wéi wäit geet d'Responsabilitéit vun de betraffene Plattformen, wa Clienten duerch esou Bedruch finanziell Schied erleiden? Ginn et Richtlinne fir Entschiedegungen?**

Den *Digital Services Act* (DSA) gesäit an der ganzer EU Bestëmmunge fir Sichmaschinne vir. Grondsätzlech si Sichmaschinnen als Hosting-Déngschtleeschter laut dem Artikel 6 vum DSA-Reglement net verantwortlech fir d'Informatiounen (ewéi zum Beispill Websäiten), déi an der Sichmaschinn gespäichert sinn, ënnert der Bedingung, datt d'Sichmaschinn engersäits keng Kenntnis vun illegalen Aktivitéiten oder Inhalter op där Websäit huet, an anerersäits muss d'Sichmaschinn soubal se Kenntnis vun illegalen Inhalter huet, dës läschen oder den Zougang derzou blockéieren.

D'DSA-Reglement gesäit och am Artikel 16 vir, datt Online-Plattforme Mechanismen aféieren, iwwer déi d'Benotzer illegal Inhalter kënne mellen. Soubal esou Inhalter gemellt ginn, an domat der Plattform oder der Sichmaschinn bekannt gemaach ginn, muss dës se läschen, soss ka se haftbar gemaach ginn.

D'DSA-Reglement verpflicht doriwwer eraus Hosting-Déngschtleeschter fir d'Police oder d'Justizautoritéite vum betraffene Memberstaat z'informéieren an déi relevant Informatiounen zur Verfügung ze stellen, wa se Kenntnis hu vun Informatiounen déi de Verdacht begrënnen datt eng Strofdot begaange gouf, amgaangen ass begaangen ze ginn oder kéint begaange ginn, déi d'Liewen oder d'Sécherheet vun enger oder méi Persounen a Gefor bréngt.

Donieft gesäit dat ofgeännert Gesetz vum 10. November 2009 iwwer Bezuelservicer e Responsabilitéitsregime fir net autoriséiert Paiementer vir. Dëse Regime entsprécht der Ëmsetzung vun der Payment Services Directive 2 (PSD2), déi en harmoniséierte Kader an der EU geschaf huet.

6. **Wéi oft goufen an der rezenter Vergaangenheet Täter an esou Fäll ermëttelt respektiv verurteelt?**

Den Artikel 496 vum Code pénal viséiert de Bedruch an ass technologesch neutral, esou dass sech dësen Artikel och op Bedruchsfäll iwwer den Internet applizéiert. D'Artikele 509-1 bis 509-7 vum Code pénal applizéiere sech allgemeng op verschidde Forme vu "fraude Informatique", déi mat Hëllef vun technesche Mëttel begaange goufen. Dës an der Fro spezifesch viséiert Form vu Bedruch gëtt dohier net eenzel an de Statistike vun de Justizautoritéiten erfaasst.

7. **Wat solle betraffe Persoune maachen, fir séier a virun allem onbürokratesch Hëllef ze kréien?**

D'ABBL an och d'Police roden an esou Fäll séier z'agéieren.

Soubal ee mierkt, dass een Affer vun enger Fraude ginn ass, ass et wichteg

- d'Hotline 491010 unzeruffen,

- d'Bank z'informéieren an och

- direkt Plainte bei der Police ze maachen.

8. **Wéi gesäit d'Koordinatioun tëschent de betraffene privaten Acteure (z.B. Banken, LuxTrust) an de staatlechen Instanzen aus, fir zesummen eng effizient Reaktioun géint esou Bedruchsfäll ze garantéieren?**

Zanter Dezember 2024 besteet een Aarbechtsgrupp fir d'Bekämpfung vum Online-Bedruch tëscht de betraffenen Acteuren, i.e. der ABBL, der Fondation ABBL, dem Luxembourg House of Cybersecurity, der CSSF, der BCL, BeeSecure an dem ILR.

Am Hierscht wäert an deem Beräich och eng breet ugeluechten national Sensibiliséierungscampagne (Suite vun der cyberfraud.lu-Campagne) ulafen.

Lëtzebuerg, den 8. September 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth